



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/07/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Mobilitéit, Kultur, Interieur & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Wéi et eis zu Ouere komm ass, krut de Luxushotel "Château d'Urspelt", geleeën zu Ischpelt an der Gemeng Klierf, eng Geneemegung fir en Heliport installéieren a bedreiwen ze kënnen. Ugefrot sinn anscheinend 104 Start/Landungen d'Joër, dat wäeren dann zwou Bewegungen d'Woch, mee dat ass wuel nach ausbaubar.

Et stellen ech hei allerdéngs eng Rei Problemer: den Hotel, also och den Heliport, leie matten an der Agglomeratioun, tëschent de Wunnhaiser. Ausserdeem an der Flugschneiss vu geschützte Vullenaarten. D'Awunner sinn net frou, eng Biergerinitiativ gouf scho gegrënnt, an d'Autoritéiten (Gemeng, Ministère) halen sech bedeckt.

De lokale Fierschter huet anscheinend en negativen Avis ofginn an et gouf och eng Etude iwwert de Kaméidi gemaach. Et ginn Haiser, déi net emol 100 Meter vum Heliport ewech sinn, dobäi däreft jo iwwert bewunnte Gebidder guer net esou niddereg geflu ginn. An enger Gemeng, déi sech als "Cittaslow" bezeechent an och dem Klimapakt bäigetrueden ass, missten esou Awänn am Fong Gehéier fannen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, datt fir de Projet vum Heliport an der Enceinte vum Château d'Urspelt all déi néideg Geneemegungen virleien? Wa jo, wéi ass dat ze justifizéieren? Wann nee, wéi eng stinn nach aus, a firwat?
2. Wat ass d'Positioun vum Inneministère wat den Affichage vun der Baugeneemegung ugeet? Muss déi ausgehang ginn?
3. Ass fir dësse Projet net eng Commodo-Incommodo-Autorisatioun erfuederlech? Wa jo, wéi ass et em dës Prozedur bestallt?
4. Ginn et offiziell Avisen vum Ëmweltministère, vum Inneministère a vum Kulturministère (Sites et monuments) zu dësem Projet?



www.piraten.lu

5. Stëmmt et, datt och de Weekend geflu soll ginn?
6. Stëmmt et, datt d'Demande vun Air Rescue fir eventuell vu Klierf aus ze operéieren ofgeleent gouf a wat sinn dann d'Grënn, fir e private Projet wéi dësen ze geneemegen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

